# Par Parc Our Saint-Nicolas

## Ouschteren – Pâques



Foto: Jeannot Gillen

Parbréif Nr 3/2026
28. Mäerz – 25. Mee 2026



D'Pastoralteam wënscht
Iech alleguerten
frou a geseenten Ouschteren!

Joyeuses Pâques dans la Joie
du Christ Ressuscité !

Ein gesegnetes Osterfest
im Licht des Auferstandenen !

Buona Pasqua nella gioia
del Risorto !

Uma feliz e benzida Pascoa !

Bild: Andreas Kröner In: Pfarrbriefservice.de

# Matdeelungen

## **Parbüro** – *kuerz Notiz:*

Eise Parbüro zu Veianen ass fir déi nächst Méint wéinst deem grousse Chantier op der Plaz virdru ganz schwéier zougänglech. Dir hutt besser ze telefonéieren oder är Uleies per Mail op parc-our@cathol-lu ze schreiwen.

Tëscht dem 27. Mäerz – 03. Abrëll 2026 a vum 25. Mee – 29. Mee 2026 ass eise Parbüro zu de Büroszäiten net besat.

## ***Basar vun de Fraen a Mammen Yolande vu Veianen*** *Sonndeg, den 29. Mäerz 2026*

D'Fraen a Mamme Yolande vu Veianen hunn nees op Pällemsonndeg, den 29. Mäerz 2026, vun 11:30 Auer un hiren traditionelle Basar mat Mëttegiessen an Tombola an der Larei.

## ***Fréijoersconcert zu Veianen um Schlass,*** *Sonndeg den 29. Mäerz 2026 um 17 Auer*

E Sonndeg, den 29. Mäerz 2026 um 17 Auer fënnt um Schlooss zu Veianen e Fréijoersconcert statt, organiséiert vun der Veiner Musik.

## ***Concert zu Tandel an der Sportshal,*** *Samschdeg, den 9. Mee 2026*

E Samschdeg, den 9. Mee 2026 um 19:30 Auer fënnt an der Sportshal zu Tandel *(Campus am Brill)* e Concert mam Thema: „Dräi Museken, eng Harmonie" statt, organiséiert vun der Baastenduerfer Musik.

## ***KonschTour zu Veianen op Päischten,*** *vum 24. – 25. Mee 2026*

Bei dësem 2-Deeg Multi-Art Event maache lokal Kënschtler hir Atelieren op. Eidel Lokaler a private Raim gi fir 2 Deeg Konschtgaleriè.



## *Éischt Helleg Kommioun fir d'Kanner aus eiser Par*
*den 18. Abrëll 2026 an den 19. Abrëll 2026*

De Weekend vum 18. a 19. Abrëll 2026 feiere 45 Kanner aus eiser Par hir Éischt Helleg Kommioun an enger feierlecher Mass.

Datumer vun de Kommioune sinn:

**Baastenduerf, de 18. Abrëll 2026**

**Housen, den 19. Abrëll 2026**

Danksagungsmasse sinn de 25. Abrëll 2026 zu Baastenduerf an de 26. Abrëll 2026 zu Housen an der Kierch.

Dëst Joer steet d'Kommioun ënnert dem Thema:

**„De Jesus ass mäi Frënd"**

## *Éischt Kommioun: D'Geschenk mat aneren deelen*

Den Dag vun der Éischter Kommioun ass eng gutt Geleeënheet fir net nëmmen u sech selwer ze denken, mee besonnesch un déi, deenen et net esou gutt geet.

Dëst Joer wëlle mir „Vie Naissante Asbl" ënnerstëtzen.

D'Kontosnummere fir den Don sinn:

| | |
|---|---|
| **Spuerkees:** | **BCEE () LU47 0019 1000 1983 6000** |
| **Post Luxembourg:** | **CCPL () LU97 1111 0000 3737 0000** |

Schreift w.e.g. als Mentioun de Numm vum Kand an d'Uertschaft, wou et seng Kommioun mécht op d'Iwwerweisung.

# Wer sind wir?

Die Vereinigung „Oeuvre pour la Protection de la Vie Naissante“, d.h. Werk zum Schutz des Werdenden Lebens wurde am 27. Mai 1975 gegründet. Abgekürzt werden wir auch „Pour la Vie Naissante“ oder einfach „Vie Naissante“ genannt.

Der Zweck der Gründung ist in den Statuten festgehalten: „Die Vereinigung hat zum Zweck den spezifischen Wert von jedem menschlichen Leben, angefangen bei der Zeugung, zu achten. Daher nimmt sie sich vor, alle ärztlichen, erzieherischen und sozialen Maßnahmen zu fördern, und insbesondere, dazu Empfangs-, Beratungs- und Hilfsstellen einzurichten und zu unterstützen.“

Die Biologen haben eindeutig bewiesen, dass das Leben bei der Befruchtung beginnt. Das schwächste Glied in der Kette der Menschheit sind ohne Zweifel die Kinder, Geborene und Ungeborene. Die Sozialhilfe von Vie Naissante ist weit gefächert, überdeckt weitflächig die Probleme junger Frauen, vor und nach der Geburt ihrer Kinder.

Materielle Hilfe für junge Mütter: Milch, Windeln, Nahrungsmittel usw. wird auf Anfrage gewährt. Eine große Anzahl junger Mütter nimmt unsere Hilfe in Anspruch, so zwischen 350 und 400 Anfragen pro Jahr werden beantwortet. Der jährliche Kostenpunkt beträgt ungefähr 65.000 Euros.

Mitglieder und Freunde beschenken Vie Naissante reichlich mit Umstandskleidung, Kinderkleidung und Mobiliar aller Art, die freiwillige Mitarbeiter und Mitarbeiterinnen unentgeltlich weiterreichen. Vie Naissante ist gemäß großherzoglicher Verordnung vom 28. April 2014 eine gemeinnützige Vereinigung. Ihre Spenden sind steuerlich absetzbar.

Pour la Vie NAISSANTE

28 DERNIER SOL, L-2543 LUXEMBOURG-BONNEVOIE
+352 44 44 40 (RÉPONDEUR) OU INFO@VIENAISSANTE.LU
WWW.VIENAISSANTE.LU

## Kommiounskanner vu Baastenduerf

| | |
|---|---|
| Jane Conté | Veianen |
| Kami Conté | Veianen |
| Lex Didier | Longsdref |
| Meliha Do Rio Da Silva | Branebuerg |
| Rafael Ferreira Araujo | Furen |
| David Luis Fontes Cruz | Baastenduerf |
| Louis Frederes | Tandel |
| Leonor Goncalves Da Silva | Méchela |
| Jil Lutty | Bettel |
| Kim Lutty | Bettel |
| Ariana Marques Lage | Veianen |
| Diogo Mendes Marques | Veianen |
| Diego Moreira Alves | Furen |
| Sofia Moreira De Costa Soares | Veianen |
| Alyne Moreno Coelho | Branebuerg |
| Lara Neves Ferreira | Baastenduerf |
| Amy Oliveira Fernandes | Branebuerg |
| Santiago Oliveira Gomes | Longsdref |
| Santiago Oliveira Teixeira | Furen |
| Nicolas Renckens | Baastenduerf |
| Diogo Roque Ferreira | Tandel |
| Len Schmit | Baastenduerf |
| Lina Schmit | Baastenduerf |

## Kommiounskanner vun Housen

| | |
|---|---|
| Laura Boewer | Weller |
| Chris Cannels | Grooljen |
| Fränz Crochet | Grooljen |
| Dinis De Jesus Martins | Housen |
| Diego De Sousa Soares | Wuelessen |
| Lena Elsen | Näidsen |
| Adrian Fernandes Dos Santos | Mierschent |
| Diego Ferreira Gomes | Holztem |
| Lucas Ferreira Ribeiro | Houschter-Déckt |
| Raphaël Ferreira Rodrigues | Eesbech |
| Lou Majerus | Houschter-Déckt |
| Louis Mergen | Näidsen |
| Francesco Mileto | Wuelessen |
| Julien Moriau | Wuelessen |
| Jolene Muller | Roudersen |
| Maila Nicolay | Houschter-Déckt |
| Adrien Pinto Ribeiro | Houschter-Déckt |
| Ellie Schmitz | Holztem |
| Nicolas Seil | Holztem |
| Philippe Steichen | Pëtschent |
| Abigail Wagner | Housen |
| Alaina Wagner | Housen |

## Massbestellungen

1. D’Massintentiounen mussen **fir d’éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d’Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d’Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d‘**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## Konten fir d’Iwwerweisungen vun de Massintentiounen

D’Suen fir d’Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d’église communale de Vianden/ CGP n°6/Fe n°14:
Titulaire: « KIERCHEFONG/VIANDEN »
**Kont: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d’église communale de Parc Hosingen / CGP n°6/Fe n°12:
Titulaire: « KIERCHEFONG/PARC HOSINGEN »
**Kont: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d’église communale de Pütscheid / CGP n°6/Fe n°13:
Titulaire: « KIERCHEFONG/Merscheid/Vianden »
**Kont: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d’église communale de Tandel / CGP n°6/Fe n°15:
Titulaire: « KIERCHEFONG »
**Kont: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d’Begriefnisser an d’Hochzäiten kritt Dir eng demande d’offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d’Parkatechees:
Titulaire: « KIERCHEFONG C.T. / PARC OUR »
**Kont: BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

# Gottesdéngschtuerdnung

## Die Heilige Woche – Karwoche – La Semaine Sainte

## Pällemsonndeg – Dimanche des Rameaux – A

### An alle Massen gëtt de Pëllem geseent

*Pällemprëssioun: Ev.: Mt 21,1-11*

*1. Lies.: Jes 50, 4-7; 2.Lies.: Phil 2, 6-11; Ev.: Mt 21, 1-11; Mt 26, 14 - 27, 66*

***« Hosanna dem David sengem Jong ! Geseent sief deen, deen am Här sengem Numm kënnt ! »*** *(Mt 21,9)*

Déi vill Leit, déi mam Jesus a Jerusalem anzéien, feieren hien als hire Kinnek, deen den Herrgott hinne versprach hat an op deen si gewaart hunn. A sengem baarmhäerzege Wierken hu si erkannt, datt den Herrgott mat him ass, hie geseent huet, an datt hien a sengem Numm kënnt. Mee de Jesus stéisst och op Angscht, Widderstand a Feindschaft bei deene Weisen a Mächtegen. Si kippen geschwënn d'Stëmmung vun de Massen géint de Jesus. Hei gëtt däitlech, datt fir am Jesus säi Räich eranzekommen, net Muecht a Wëssen zielen, mee d'Suerg fir déi Aarm, déi Krank, déi Friem, déi Gefaangen. Jo, d'Aarmut, d'Deemut an d'Dussheet sinn d'Seilen vum Jesus sengem Räich. De Jesus weist dat an der Deemütegung vu senger Passioun, duerch déi hien a seng Herrlechkeet ageet. Loosse mir an der Gesënnung mat Jesus duerch d'Karwoch goen an hien als eise Kinnek feieren, deen äis vun der Sënd a vum Doud befreit huet, an eise Papp am Himmel luewen, deen äis hie geschéckt huet.

**Samschdeg, 28.03.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Grooljen | 17:00 | Gedenkfeier fir Guy Sauber |
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass** |

**Sonndeg, 29.03.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 09:00 | Mass fir d'Famill Weber-Molling<br>Mass fir Françoise Mander-Hecker<br>a fir déi lieweg a verstuerwe Membere vun de Familljen Hecker-Weis a Mander-Hecker |
| Mierschent | 09:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass als 6. Wochemass<br>fir Mathilde Enders-Mathieu |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

**Méindeg, 30.03.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | Mass mat Seenung vum Pällem |

**Dënsdeg, 31.03.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SB | 10:45 | Mass mat Seenung vum Pällem,<br>Mass fir Metty a Marie -Madeleine Weyrich |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

**Mëttwoch, 01.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Lëtzebuerg | 09:30 | Chrisamsmass *(Kathdral)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |

## Gréngdonneschdeg – Jeudi saint
## Feier vum leschten Abendmahl – La cène du Seigneur

*1. Lies.: Jes 61, 1-3a.6a.8b-9; 2.Lies: Offb 1, 5-8; Ev.:*

***Hien hat déi gär, déi an der Welt zu him gehéiert hunn,***
***an hien hat si gär bis un d'Enn.*** *(Joh 13,1)*

Esou féiert den Evangelist Johannes dat lescht Iessen vum Jesus mat senge Frënn an, un dat mir haut denken. Ënnert de Gestalte vu Brout a Wäin schenkt hien sech hinne ganz. Virdrun huet hien hinnen d'Féiss gewäsch. Dat sinn Zeeche vu senger Léift bis an de Doud, wou hien sech virun hinne kleng an zu hirem Dénger mécht, fir hinne e Beispill ze ginn, wéi si solle mateneen ëmgoen. Loosse mir op säi Wuert lauschteren, seng Gowen dankbar empfänken an äis no sengem Bild forme loossen.



Wenn wir Abendmahl feiern, bringen wir all das mit: unsere Geheimnisse und unsere Geschichten, das Gute und das Schwere. Im Brot und im Wein wird das alles aufgenommen und verwandelt. Beides ist nicht einfach da – es steckt Arbeit, Geduld und Leben darin. Und so, wie Brot und Wein aus vielen kleinen Körnern und Trauben entstehen, so bringt auch Gott unser Leben zusammen: das, was gelungen ist, und das, was weh tut. Im Abendmahl sagt Gott: Ich bin bei euch – in allem, was war, in allem was ist und in allem, was kommt.

**Donneschdeg, 02.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Baastenduerf | 18:00 | Mass vum leschten Abendmahl fir **Familljen** |
| Housen | 19:00 | Mass vum leschten Abendmahl |

## Karfreideg – Faaschten an Abstinenzdag
## Vendredi saint – Jeûne et journée d'abstinence

*1. Lies.: Jes 52, 13 - 53, 12; 2.Lies.: Hebr 4, 14-16; 5, 7-9; Ev.: Joh 18,1-19,42*

***« Et ass alles erfëllt. »*** *(Joh 19,30)*

Dem Jesus säi Kräiz ass d'Zeeche vum neien an éiwege Bond tëschent Himmel an Äerd, tëschent dem Herrgott an äis Mënschen, d'Zeeche vun eisem Glawen an eiser Hoffnung op dat éiwegt Liewen. Wa mir haut d'Kräiz veréieren, da veréiere virun allem dem Jesus seng Léift fir äis bis un d'Enn, déi äis am Leed Kraaft gëtt an äis opriicht. Um Kräiz schenkt de Jesus och säi Jünger a seng Mamm een deem aneren a stëft esou d'Gemeinschaft vun der Kierch.

**Freideg, 03.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 15:00 | Kräizwee |
| Veianen-SA | 15:00 | Kräizwee |
| Veianen-SB | 15:00 | Kräizwee |
| Mierschent | 15:00 | **Kannerkräizwee** |
| Baastenduerf | 18:00 | **Karfreidegliturgie fir Familljen** |
| Housen | 19:00 | Karfreidegliturgie |
| Veianen-TK | 19:00 | Karfreidegliturgie op franséich a portugisesch |

## Karsamschdeg – Samedi saint
## Ouschternuecht – Veillée Pascale

*1. Lies.: (7 Lesungen aus dem AT); 2.Lies.: Röm 6, 3-11; Ev.: Mt 28, 1-10*

***« De Jesus, dee Gekräizegten, ass net hei. Hien ass aus dem Doud erwächt ginn, esou wéi hie gesot hat. »*** *(Mt 28,6)*

De Jesus, dee Gekräizegten, ass dat Béist an den Doud Meeschter ginn, esou wéi hien gesot hat. Hien geet äis op eisem Wee viraus a mir kréien hien ze gesinn. Mir brauche keng Angscht ze hunn. Mir kënnen äis mat de Fraen beim Graf freeën. Loosse mir äis Kleeder vun der Bous an der Trauer ausdoen an d'Liicht vun der Ouschterkäerz dankbar unhuelen: de Jesus ass aus dem Doud operstanen, hien lieft fir ëmmer a mir mat him. Halleluja !

**Samschdeg, 04.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Baastenduerf | 19:30 | **Ouschternuechtfeier fir Familljen** |
| Housen | 19:30 | **Ouschternuechtfeier** |

# Ouschteren – Pâques

*1. Lies.: Apg 10, 34a.37-43 ; 2.Lies.: Kol 3, 1-4, 6b-8; Ev.: Joh 20, 1-18*

***« Deen, dee si ëmbruecht hunn, … deen huet den Herrgott deen drëtten Dag aus dem Doud erwächt a sech weise gelooss. »*** *(Apg 10,39-40)*

De Jesus huet den Haass, d’Gewalt an dat Béist definitiv iwwerwonnen an sech senge Frënn lieweg gewisen, fir datt si dovunner Zeie solle sinn. Loosse mir äis doriwwer freeën an den Herrgott luewen. Duerch säi Numm kréie mir d’Sënnen nogelooss. Déi helleg Mass soll eise Glawen an eist Zeechnees fir eis Rettung a Jesus Christus stäerken.

**Sonndeg, 05.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 08:30 | Missa do Domingo de Pàscoa |
| Mierschent | 09:00 | **Ouschtermass** |
| Houschent | 09:15 | **Ouschtermass**,<br>Mass fir Josy Schroeder<br>an d'Thérèse an den Nikela Schroeder-Dimmer,<br>Mass fir Josette Odem-Konen<br>an Mass fir Ady Odem,<br>Mass fir Marcel a Anna Wagener-Richartz<br>a fir Clemi a Marie Kaes-Jans |




*Bild: John Blankers*

**Es ist Ostern geworden.**

**Da geschehen Dinge**

**zwischen Himmel und Erde,**

**die bis gestern noch**

**nicht möglich waren:**

**Gott schafft Leben im Tod.**

**Ein Grab ist kein Grab mehr.**

**Er ist auferstanden. Er ist im Leben.**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-TK | 10:30 | **Ouschtermass**,<br>Mass fir Tilly a Leo Eydt-Hübsch,<br>*gesonge vun der Chorale Trinitaire*<br>*an vun der Chorale Branebuerg* |
| Housen | 10:30 | **Ouschtermass** |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |

# Ouschterméindeg – Lundi de Pâques

*1. Lies.: Apg 2, 14.22-33; 2.Lies.: 1 Kor 15, 1-8.11; Ev.: Lk 24, 13-35*

***De Jesus ass mat eragaang a bei hinne bliwwen*** *(Lk 24,29)*

Déi zwéi Jünger vun Emmaus dirängelen de Jesus a soen : « Bleif bei äis ». Si spiren, datt seng Presenz hinne guttdeet. Bei him kënne si sech ausschwätzen. Hien erklärt hinnen mat de Schrëften, wat dat bedeit, wat geschitt ass. An da setzt hien sech mat hinnen un den Dësch a brecht hinnen d'Brout. Do erkennen si hien. Loosse mir äis och ëmmer nees fir de Jesus opmaachen an zu him soen : « Bleif bei äis. » Loosse mir och mat engem brennenden Häerz iwwert dat nodenken, wat an de Schrëften iwwert hien steet an hien erkennen, wann hien äis säi Brout vum Liewe gëtt. An da loosse mir och frou opbriechen a soen : « Den Här ass wierklech operstan. »

**Méindeg, 06.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | **Ouschtermass** |
| Wuelessen | 10:30 | **Ouschtermass**,<br>Mass fir Marcel Serres,<br>Mass fir Sisy Dimmer-Bock |

| | | |
|---|---|---|
| **Dënsdeg, 07.04.2026** | | **Ouschteroktav** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| **Mëttwoch, 08.04.2026** | | **Ouschteroktav** |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| **Donneschdeg, 09.04.2026** | | **Ouschteroktav** |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| **Freideg, 10.04.2026** | | **Ouschteroktav** |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

# 2. Sonndeg vun der Ouschterzäit – A „Quasimodo“

### Oktavdag vun Ouschteren

### « Wäissen Sonndeg »

### Sonndeg vun der göttlechen Baarmhäerzegkeet

*1. Lies.: Apg 2, 42-47; 2.Lies.: 1 Petr 1, 3-9; Ev.: Joh 20, 19-31*

***De Jesus huet senge Jünger seng Hänn a seng Säit gewisen.*** *(Joh 20,20)*

D’Wonnen an den Hänn an an der Säit vum Jesus sinn d’Zeechen dofir, datt hien et wierklech ass, dee virdrun gekräizegt gi war. Grad um Sonndeg vun der Baarmhäerzegkeet weisen si äis d’Gréisst vun senger Léift fir äis all a schenken äis säi Fridden. Loosse mir dee Fridden am Hellege Geescht an eiser onroueger Zäit unhuelen a viru schenken. Loosse mir äis Zweifel iwwerwannen a gleewen, datt d’Sakramenter vun der Kierch aus de Säitewonn vum Jesus entsprangen an esou frou Zeien vun der Hoffnung op dat éiwegt Liewe sinn.

**Samschdeg, 11.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-TK | 10:30 | **Daf** vum Aris Patz |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| Baastenduerf | 19:00 | Mass fir Marc Besenius,<br>Mass fir Irma a Mathias Dondelinger-Elsen<br>a fir Ilma Dondelinger |

**Sonndeg, 12.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 09:00 | Mass fir d’Famill Karier-Brücher-Peffer,<br>Mass fir Nic Karier a Marie Mossong |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir Tilly a Nic Groeff-Trausch,<br>Mass fir Anna Kalbusch |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

**Méindeg, 13.04.2026** — **Heiliger Martin I.,** *Papst, Märtyrer (+ 655)*

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |

**Dënsdeg, 14.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

**Mëttwoch, 15.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Petry-Sauber,<br>Mass fir Abbé Mathias Weyland |

**Donneschdeg, 16.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| Laaschent | 19:00 | Mass |

**Freideg, 17.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

## 3. Sonndeg vun der Ouschterzäit - A

## Feierlech Éischtkommioun zu Baastenduerf an Housen

*1. Lies.: Apg 2, 14.22b-33; 2.Lies.: 1 Petr 1, 17-21; Ev.: Lk 24, 13-35*

***« Huet net eist Häerz gebrannt, wéi hien ënnerwee mat äis geschwat huet a wéi hien äis d'Schrëft duergeluecht huet ? »*** *(Lk 24,32)*

De Jesus erschléisst den Emmausjünger mat der Hëllef vun de Schrëfte vum Moses an alle Prophéiten de Sënn vun deem, wat si mat him erlieft hunn. Hien mécht hirt Häerz op fir déi Zeechen, déi vun him schwetzen, esou datt si verstinn, datt hien och huet misste leiden, doudgemaach ginn an operstoen. Mee dat eleng geet nach net duer, fir datt si hien erkennen. Si mussen nach zesummen mat him iessen an hien muss d'Brout mat hinnen deelen, fir datt d'Aen hinnen opginn a si zum Glawen kommen. Hiert Häerz brennt elo a si mussen déi frou Botschaft viru verkënnegen. Trotz hirer Middegkeet briechen si direkt op, fir dat virun ze ginn, wat si erfëllt. An dëser Ouschterzäit sollen och mir, gestäerkt an erliicht duerch d'Feier vun der helleger Mass, duerch eist Wuert an eist Handelen, Zeien vu senger Operstéiung sinn.

**Samschdeg, 18.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Baastenduerf | 09:45 | *Rendez-vous beim Pompjeesbau* |
| | 10:00 | *Départ vum Cortège* |
| | 10:15 | **Feierlech Kommiounsmass** |
| Baastenduerf | 12:00 | **Daf** vum Amélie Do Rio Da Silva |
| Wuelessen | 19:00 | Mass als 6. Wochemass fir Joseph Nosbusch |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em Português |

**Sonndeg,19.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 09:30 | *Rendez-vous am ale Schoulhaff* |
| | 09:45 | *Départ vum Cortège* |
| | 10:00 | **Feierlech Kommiounsmass** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass als 6. Wochemass fir Mimi Vaessen-L'Ortye a Mass fir d'Famill Vaessen-Schins |
| Houschent | 10:30 | **Gëllen Hochzäit** vun Nico Lukas a Edmée Wagener, Mass fir Philippe a Valerie Wagener-Schuller, Mass als Joermass fir Anita Keiser-Arendt, *Mass gëtt celebréiert vum Weibschof Leo Wagener* |

**Méindeg, 20.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |

**Dënsdeg, 21.04.2026** — **Heiliger Anselm,** *Bischof von Canterbury, Kirchenlehrer (+ 1109)*
**Heiliger Konrad von Parzham,** *Ordensbruder in Altötting (+ 1894)*

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir Georges a Cathérine Clees-Schumacher |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

**Mëttwoch, 22.04.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

**Donneschdeg, 23.04.2026** **Heiliger Adalbert,** *Bischof von Prag, Glaubensbote bei den Preußen, Märtyrer (+ 997)*
**Heiliger Georg,** *Märtyrer in Kappadozien (4. Jh.)*

Housen 18:30 Missa em Português

**Freideg, 24.04.2026** **Heiliger Fidelis von Sigmaringen,** *Ordenspriester, Märtyrer (+ 1622)*

Housen 18:30 Missa em Português

## 4. Sonndeg vun der Ouschterzäit – A

**Ufank vun der Muttergottesoktav**

**Kiermes zu Mierschent a Longsdref**

***Kollekte: « Für die Pastoral der kirchlichen Berufe »***

*1. Lies.: Apg 2, 14a.36-41; 2.Lies.: Petr 2, 20b-25; Ev.: Joh 10, 1-10*

***« Ech sinn d'Dier fir bei d'Schof. All déi, déi viru mir komm sinn, sinn Déif a Raiber, ma d'Schof hunn net op si gelauschtert. »*** *(Joh 10,7-8)*

Wéi kënne mir de gudden Hiert vun den Déif an de Raiber ënnerscheeden? D'Déif an d'Raiber si Friemer. Si mussen sech verstoppen a si komme nëmmen fir ze klauen an doutzemaachen. D'Schof kennen hir Stëmm net a lauschteren net op si. De gudden Hiert dogéint ass bekannt. D'Schof kenne seng Stëmm, komme bei hien a loossen sech vun him féieren. Hien kennt och seng Schof a rifft si eenzel mat hirem Numm. De Jesus ass de gudden Hiert, well hien äis bei säi Papp féiert, deen méi grouss ass, wéi hien am Géigesaz zu de Verféierer, déi d'Schof fir sech ausbeuten an ausnotzen. Hiert am Sënn vum Jesus sinn heescht ëm d'Wuel vu deene anere besuergt sinn, déi engem uvertraut sinn. Loosse mir ëm gutt Hierden nom Jesus sengem Beispill fir d'Kierch bieden an äis méi ginn, esou gutt Hierten fir eis Matmënschen ze sinn.

**Samschdeg, 25.04.2026** **Heiliger Markus,** *Evangelist*

Longsdref 18:00 **Kirmesmass**
Mass als Joermass
fir Emile a Thérèse Theis-Kellen,
Mass fir Jean-Pierre Theis

Baastenduerf 18:00 **Danksagungsmass** fir eis Kommiounskanner




| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg, 26.04.2026** | | |
| Houschent | 09:15 | Mass als 6. Wochemass fir Léon Faber |
| Mierschent | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |
| Housen | 10:30 | **Danksagungsmass** fir eis Kommiounskanner, Mass als 6. Wochemass fir Guy Hoscheid |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir Otto a Renée Schmit-Frieseisen, Mass fir d'Famill Junker-Theves |
| **Méindeg, 27.04.2026** | | **Heiliger Petrus Kanisius,** *Ordenspriester, Kirchenlehrer (+ 1597)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 28.04.2026** | | **Heiliger Ludwig Maria Grignion de Montfort,** *Priester (+ 1716)* **Heiliger Peter Chanel,** *Priester, erster Märtyrer in Ozeanien (+ 1841)* |
| Veianen-SB | 15:00 | Oktavandacht |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| **Mëttwoch, 29.04.2026** | | **Heilige Katharina von Siena,** *Ordensfrau, Kirchenlehrerin, Patronin Europas (+ 1380)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Léon Petry |
| **Donneschdeg, 30.04.2026** | | **Heiliger Pius V.,** *Papst (+ 1572)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

**Freideg, 01.05.2026** **Heiliger Josef der Arbeiter**

Housen 18:30 Missa em Português

## 5. Sonndeg vun der Ouschterzäit – A

### Kiermes zu Duerscht

*1. Lies.: Apg 6, 1-7; 2.Lies.: 1 Petr 2, 4-9; Ev.: Joh 14, 1-12*

***« Wéi mech gesinn huet, huet de Papp gesinn. Gleeft mir,***
***datt ech am Papp sinn an datt de Papp a mir ass ! »*** *(Joh 14,9.11)*

Am Jesus senge Wierder a Wierker erkenne mir, wéi gutt a baarmhäerzeg säi Papp ass. De Papp am Himmel schwätzt a wierkt duerch de Jesus an eiser Welt. Dem Jesus seng Wierker leeën Zeechnes dofir of, datt hien mat sengem Papp a mat äis verbonnen ass. Wa mir un hien gleewen, kënne mir mat der Hëllef vu sengem Geescht säi Wierk an der Welt viruféieren. Da kënnen och duerch äis Zeeche geschéien, déi weisen, datt den Herrgott an äis an op eiser Äerd present ass.

**Samschdeg, 02.05.2026** **Maria,** *Trösterin der Betrübten, Patronin des Luxemburger Landes*

| | | |
|---|---|---|
| Lëtzebuerg | 09:30 | Diakon- a Priesterweihe *(Kathdral)* |
| Mierschent | 11:00 | **Daf** vum Félix a Maxime Alves-Schirtz |
| Branebuerg | 19:00 | Mass als 1. Joermass fir Maria Erpelding-Fohl a Mass fir Pierre Erpelding,<br>Mass als 1. Joermass fir Alice Joudain-Lanners, Mass fir Hubert Fonk |

**Sonndeg, 03.05.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 09:00 | Mass |
| Duerscht | 09:15 | **Kiermesmass** |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

**Méindeg, 04.05.2026** **Heiliger Florian** *(+ 304)* **und die Märtyrer von Lorch**

Veianen-SA 10:15 Mass

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

| | | |
|---|---|---|
| **Dënsdeg, 05.05.2026** | | **Heiliger Godehard,**<br>*Bischof von Hildesheim (+ 1038)* |
| Lëtzebuerg | 11:15 | Pilgermass fir d'Poaren Parc Our, Uewersauer a Woltz *(Kathedral)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| **Mëttwoch, 06.05.2026** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir alkohol- an drogenkrank Mënschen an hir Familljen |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| **Donneschdeg, 07.05.2026** | | |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| **Freideg, 08.05.2026** | | |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

## 6. Sonndeg vun der Ouschterzäit – A

### Ënn vun der Muttergottesoktav

*1. Lies. Apg 8, 5-8.14-17:; 2.Lies.: 1 Petr 3, 15-18; Ev.: Joh 14, 15-21*

***« Dir kennt de Geescht vun der Wourecht,***
***well e bleift bei iech an ass an iech. »*** *(Joh 14,17)*

De Jesus schéckt äis säi Geescht, deen äis an d'Wourecht iwwert den Herrgott an äis selwer aféiert. Dëse bléift fir ëmmer bei äis. Säit eiser Daf droen mir hien an äis. Loosse mir op hien lauschteren an äis vun him féiere loossen. Da gi mir selwer duerch eis Wierder an eis Wierker zu Zeie vun der Wourecht a vum Liewen, dat mir vum Herrgott empfaangen hunn

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 09.05.2026** | | |
| Wuelessen | 18:00 | Mass fir Jos Bourgmeyer a verstuerwen Geschwëster, fir Marlène Bourgmeyer-Johanns an Elteren a fir d'Famill Bourgmeyer-Michels |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

**Sonndeg, 10.05.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir Anna a Norbert Heinen-Nosbusch, fir Lily Liefgen-Heinen an Charlotte a fir Fernand Heinen-Wagener |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

**Méindeg, 11.05.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |

**Dënsdeg, 12.05.2026** — **Heiliger Nereus und Heiliger Achilleus,** *Märtyrer (um 304)*
**Heiliger Pankratius,** *Märtyrer (um 304)*

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir Jaques a Marianne Clees-Marnach |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| Veianen | 19:30 | **Liichterprëssesioun** mat Rousekranz a Gesank zu Éieren vun der Muttergottes vu Fatima mat der portugisischer Gemeinschaft *(Schlooss – Bildchen)* |

**Mëttwoch, 13.05.2026** — **Gedenktag Unserer Lieben Frau von Fatima**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| Bëttel | 19:00 | Mass |

## Christi Himmelfahrt – Ascension du Seigneur – A

*1. Lies.: Apg 1, 1-11; 2.Lies. Eph 1, 17-23:; Ev.: Mt 28, 16-20*

***« Kuckt, ech si bei iech, all Dag bis un d'Enn vun der Welt. »*** *(Mt 28,20)*

Och no senger Himmelfahrt léisst de Jesus äis net eleng op der Äerd zeréck. A sengem Geescht kënnt hien nees bei äis. An de Sakramenter begéine mir him. Hei schenkt hien äis säi Liewen, seng Léift a seng Kraaft. Esou baut hien d'Kierch als säi mystesche Läif op, deen sech op der ganzer Welt ausbreet a säi Wierk viru féiert. Am Vertrauen, datt hien bei äis a mat äis ass, kënne mir frou säin Optrag erfëllen, aus alle Mënschen seng Jünger ze maachen.

**Donneschdeg, 14.05.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Laaschent | 09:00 | Mass fir Louis a Henriette Storn-Lanners,<br>Mass fir Lucien Weiler |
| Housen | 10:30 | Mass |
| Veianen | 10:30 | Wuertgottesdéngscht |

**Freideg, 15.05.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

## 7. Sonndeg vun der Ouschterzäit – A

**Kiermes zu Holztem, Baastenduerf, Roudersen a Boukels**

***Kollekte: «Für die Kathedral- und Wallfahrtskirche».***

*1. Lies.: Apg 1, 12-14; 2.Lies.: 1 Petr 4, 13-16; Ev.: Joh 17, 1-11a*

***Si hunn déi Wierder, déi s du mir ginn hues ugeholl an si hunn wierklech erkannt, datt ech vun dir komm sinn a si hu gegleeft, datt s du mech geschéckt hues.*** *(Joh 17,8)*

Dem Jesus seng Wierder si bei senge Jünger op fruchtbare Buedem gestouss. Si hu sech am Ufank schwéier domat gedoen, ma sech um Enn verstanen an ugeholl. Seng Léier huet hinnen d'Häerz opgemaach fir ze verstoen, datt hien vun sengem Papp komm ass a fir ze gleewen, datt den Herrgott hien an d'Welt geschéckt huet. Loossen och mir eist Häerz fir dem Jesus seng Botschaft vun der Léift an der Verséinung opmaachen, fir datt mir hien erkennen a seng Missioun verstinn. Da kënnen seng Wierder och an eisem Liewen an am Liewe vun der Kierch villfälteg Friiche bréngen an Eenheet stëften.

**Samschdeg, 16.05.2026** **Heiliger Johannes Nepomuk,**
*Priester, Märtyrer (+ 1393)*

| | | |
|---|---|---|
| Mierschent | 11:30 | **Daf** vum Julia Lomba |
| Holztem | 18:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung*,<br>Mass fir Jos Wagener a Famill |
| Boukels | 18:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em Português |
| Roudersen | 19:15 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung*,<br>Mass fir d'Famill Enders-Mathieu,<br>Mass als Stg. fir R.D.R. Leiber,<br>fir José Leiber an d'Famill Leiber-Döner |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg, 17.05.2026** | | |
| Furen | 09:00 | Mass fir d'Familllen Kayser-Mailliet, Kayser-Heintz a Heintz-Eiffes |
| Baastenduerf | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung*, Mass fir Ernest Fromes, fir Mely a Pierre Kergen-Schmartz a fir Joséphine a Adolphe Fromes-Tibesar, Mass fir Jean-Pierre Miller a fir Jean Miller a Catherine Wolff |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** *(Coiffeurssalon bei der Kierch)* |
| **Méindeg, 18.05.2026** | | **Heiliger Johannes I.,** *Papst, Märtyrer (+ 526)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Dënsdeg, 19.05.2026** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| **Mëttwoch, 20.05.2026** | | **Heilige Bernhardin von Siena,** *Ordenspriester, Volksprediger (+ 1444)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir Mënsche mat Depressiounen an anere psychesche Krankheeten |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| **Donneschdeg, 21.05.2026** | | **Heiliger Christopherus Magallanes,** *Priester, und Gefährten, Märtyrer (+ 1927)* **Heiliger Hermann Josef,** *Ordenspriester, Mystiker (+ 1241)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| Longsdref | 19:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis |

| | | |
|---|---|---|
| **Freideg, 22.05.2026** | | **Heilige Rita von Cascia,** *Ordensfrau (+ 1447)* |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

## Päischten – Pentecôte – A

*1. Lies.: Apg 2, 1-11; 2.Lies.: 1 Kor 12, 3b-7.12-13; Ev.: Joh 20, 19-23*

***« Fridde sief mat iech ! Wéi mech de Papp geschéckt huet, esou schécken ech iech. »*** *(Joh 20,21)*

Loosse mir eist Häerz wäit opmaachen fir déi grouss Gow vum Hellege Geescht, deen äis erneiert an eis zu eiser Missioun am Jesus senger Nofolleg undreift. Loosse mir dem Herrgott merci soen, dat hien äis a säin Wierker an der Welt mat abezitt an äis dozou seng Kraaft gëtt. Deem operstanene Jesus seng éischt Wierder am Johannesevangelium si Wierder vum Fridden a vum Verzeien. Esou gëtt d'Kierch opgebaut als eng echt Gemeinschaft vu ville Sproochen a Kulturen, wou een deen anere versteet an een fir deen aneren do ass a wou d'Konflikter am Dialog an an der Verséinung fair a gerecht geléist ginn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 23.05.2026** | | |
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass** |
| **Sonndeg, 24.05.2026** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir d'Famill Lipperts-Rohen |
| Houschent | 09:15 | Mass als Joermass fir Clemi a Marie Kaes-Jans, Mass fir Marcel a Anna Wagener-Richartz a fir Ady a Josette Odem-Konen |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 25.05.2026** | | **Maria,** *Mutter der Kirche* |
| Eesbech | 10:00 | Mass |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 26.05.2026** | | |
| Iechternach | | **Sprangprëssessioun** |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |

## Kontakt: parc-our@cathol.lu


**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
📞 83 41 13 / 621 14 72 25
📧 jeannot.gillen@cathol.lu
**Diego De Lima** – *Vicaire*
📞 661 26 20 62
📧 diego.delima@cathol.lu
**Jürgen Kusch** – *Diakon*
📞 621 19 98 22
📧 juergen.kusch@cathol.lu

***Communauté Obra de Maria:***
**Carlos Unterrichter de Melo** – *Padre*
📞 661262063
📧 carlos.unterrichter@cathol.lu
**Tarcio Araùjo Ramos** – *Padre*
📞 661617764
📧 tarcio.araujo@cathol.lu
Kräizgaass 16 – L-9807 Hosingen
Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
📞 83 41 13
📧 parc-our@cathol.lu



| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |

## *Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*

6. Mee 2026 / parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Porbréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| Nr. 04/2026 | 23.05.2026-12.07.2026 | 06.05.2026 |
| Nr. 05/2026 | 11.07.2026-13.09.2026 | 24.06.2026 |
| Nr. 06/2026 | 12.09.2026-25.10.2026 | 21.08.2026 |
| Nr. 07/2026 | 24.10.2026-29.11.2026 | 30.09.2026 |
| Nr. 08/2026 | 28.11.2026-24.01.2026 | 04.11.2026 |



CLIERRWER JUEGDBLÉISER

zanter 1983



D'Clierrwer Juegdbléiser an hire Männerchouer

gestalten déi feierlech Kiermesmass zu Housen

sonndes, den 31. Mee 2026.

Um Programm stinn d'Fürst-Pleß-Jagdmesse vum Johann Paul Zehetbauer
fir dräistëmmege Männerchouer mat dräistëmmeger Juegdcor-Begleedung
a Wierker vum Anton Bruckner, Thomas Quigley a Robert Lowry.

Musikalesch Leedung: Nicole Schackmann a Ronny Mergen

Union Grand-Duc Adolphe
ugda

*Concert National pour Harmonies et Fanfares 2026*

# Dräi Museken, eng Harmonie

*Et spillen e Frëndschaftsconcert zesummen an engem Ensembel*

Baastenduerfer Musik

HARMONIE GRAND-DUCALE ORANIA COLMAR-BERG a.s.b.l.
Fondée en 1872

NOUMER MUSEK

- **09.05.2026 um 19.30 Auer zu Tandel an der Sportshal**

- **06.06.2026 um 19.30 Auer zu Colmer-Bierg am Centre Culturel**
- **13.06.2026 um 19.30 Auer zu Schous am Centre Culturel "Op der Héicht"**

*Entrée: 10 Euro, Kanner gratis* *Reservatioune → Récksäit*


Fréijoorsconcert
VUAN DER VEINER MUSIK
SONNDIG 29. MAERZ 2026
17H00
SALLE VIC. ABENS - VEINER SCHLOOSS
RESERVATIUNN: 834108-1 / CAISSE@CASTLE-VIANDEN.LU
ENTREESPRÉIS VUAM SCHLOOSS
PHOTO: JENGEL KLASEN

# Oktav

**25.4 – 10.5.2026**

**Kathedral vu Lëtzebuerg**

**Mënsch sinn, elo an hei**



cathol.lu/www/oktav